Les Bisons futés de Frisange

fnel scouts & guides




# 1. Trimester



# D'Bisons Futés gratuléieren:






dem Lea an dem Tom & dem Patricia an dem Claude

## Mir wënschen iech nëmmen dat Bescht

Léiw Bisons, léif Elteren,

De Summer ass erëm eriwwer an mir fänken en neit Scoutsjoer un. Wéi gewinnt fannt dir emol am Trimester déi wichtegst Informatiounen am „Bison" eiser Zeitung déi der per Mail zougestallt kritt.

Eis Reuniounen sinn Samschdes an der Schoulzäit:



fir d'Wëllef an d'Scouten vun 16:05 bis 18:00 Auer

fir d'Explorer vun 19:00 bis 21:00 Auer

# D´Cheffen a Kontakt :

| | | |
|---|---|---|
| Gruppechef<br>Sambar (Claude Cuvelier)<br>Wombat (Patricia Stremler)<br>Mungo (Ben Suttor) | Cuvelier_claude@hotmail.com | 621 200 722<br>661 678 870<br>621 415 434 |
| Wëllef<br>Hathi (Nadine Linden)<br>Lahini (Joelle Linden)<br>Akela (Selena Rubio)<br>Chuchundra (Joy Hoffeld)<br>Kotick (Sarah Biewer) | wellef.bisons@gmail.com | |
| Scouten a Guiden<br>Siamang (Christophe Capelle)<br>Taz (Christian Gibéryen)<br>Benny Schoup<br>Sven Walentiny<br>Sharif El Deib<br>Shady El Deib | C_capelle@hotmail.com | 661 915 726 |
| Explorer<br>Mungo (Ben Suttor)<br>Tom Lamberty<br>Rasha Simic<br>Jeannot Hourscht | suttorp@pt.lu | 621 415 434 |

| | | |
|---|---|---|
| Rover<br>Arend Jil<br>Valentiny Elena | jilarend@me.com | 661 960 013 |
| Comité<br>Danièle Capelle (Presidentin)<br>Arlette Linden (Sekretärin)<br>Michèle Gaffinet (Tresorière) | capelle@pt.lu<br>lindenr@pt.lu<br>michele@gaffinet.lu | |
| Journalistinen „De Bison“<br>Lis Eich<br>Jil Arend | lis.eich@hotmail.com | |
| Kach Equipe<br>Rasha Simic<br>Tom Lamberty<br>Sharif El Deib | | |

## Wéi kommen ech an d'Versammlung?

Dem Wieder ugepasste Kleedung, déi däerfen knaschteg ginn
Fest Schong
E Bidon mat Gedrénks matbréngen
5 Saache vum Wëllefchen / Scoutsbichelchen
De Foulard net vergiessen!
Kleedung mam Numm gezeechent (fir Camps,..)

## Wichteg Datumer fir Bisons:

Porte Ouverte + 1. Versammlung: 24. September vun 15:00 bis 17:00

Chrëschtfeier an Après-ski Party: 17.Dezember

Wëllef, Scouten, Explorer a Rover invitéieren häerzlech op hir Virféierung, a mir feeën eis wann der och dono nach mat eis feiert!

Gruppesortie: 20. Mai

POW-WOW: 9. Juli


GruppeCamp: 21. bis den 23. Juli



All weider Detailer kommen no!

# Alles wat der braucht:

Fannt dir am Scoutshop an der Fnel:




Den FNEL Scoutshop ass all Donneschden vun 17:00 bis 19:00 op.

Ausser an den Schoul Vakanzen an den Feierdeeg.

Adress :

FNEL Scouten
61A, rue de Trèves
L-2630 Luxembourg



# Moien Wëllef,

OPGEPASST! Dëst Joer sinn d' Versammlungen vun 16:05-18:00 Auer (ausser d' Porte Ouverte)!
ATTENTION! Les réunions prennent lieu de 16:05-18:00 heures (à l'exception de la Porte ouverte)!

Dëst Scoutsjoer erwaarden iech 3 'nei' Cheffen, sidd der virwëtzeg wien et ass an wat dëst Joer um Programm steet? Dann kommt laanscht :)
Cette année vous serez accueillis par 3 'nouveaux' chefs, êtes-vous curieux de qui il s'agit et quoi d'autre on a préparé pour vous cette année? Venez nombreux!

| | | |
|---|---|---|
| 24.09.2016 | Porte-Ouverte | 15:00 - 17:00 |
| 01.10.2016 | Versammlung | |
| 08.10.2016 | Versammlung "Mir maachen Viz" "On fait du jus de pomme" | Huelt Fläschen matt/ emmenez des bouteilles |
| 15.10.2016 | Joti Jota/Montée | Detailer kommen per Mail |
| 22.10.2016 | Versammlung | |
| 29.10.2016 | Keng Versammlung / pas de réunion | Vakanz |
| 05.11.2016 | Keng Versammlung / pas de réunion | Vakanz |
| 12.11.2016 | keng Versammlung / pas de réunion | Cheffenformatioun |
| 19.11.2016 | AG Bisons | Detailer kommen per Mail |
| 26.11.2016 | Versammlung | |
| 03.12.2016 | Versammlung | |
| 10.12.2016 | Versammlung | |
| 17.12.2016 | Chrëscht Veillée | Detailer kommen per Mail |
| 24.12.2016 | Keng Versammlung / pas de réunion | Vakanz |
| 06.-08.01-2017 | Chrëschtcamp | Detailer kommen per Mail |

Akela, Chuchundra a Kotick



Leif Scouten,

Et geet erëm lass. Net nëmmen d'Schoul fänkt un, mee och en neit Scoutsjoer. Fir dat éischt Trimester hunn mer eis allerhand flott Aktivitéiten iwwerluet. Och bei eis huet sech eppes geännert, eis Versammlungen sinn ab dësem Trimester ëmmer vun 16:00 bis 18:00!

| Datum | Aktivitéit | Infos |
|---|---|---|
| 24.09.2016 | Porte Ouverte | 15:00 - 17:00 |
| 01.10.2016 | Versammlung | |
| 08.10.2016 | Versammlung | Mir maachen Viz |
| 16.-17.-10.21016 | Joti Jota | Detailer kommen no |
| 22.10.2016 | Versammlung | |
| 29.-30.10.2016 | Hierscht W-E | Detailer kommen no |
| 05.11.2016 | Vakanz | Et ass keng Verammlung, mee d'Scouten déi d'Leadership Forma-toun maachen, hunn den 5.-6. No-vember den éischten Weekend |
| 12.11.2016 | Versammlung | |
| 19.11.2016 | AG | |
| 26.11.2016 | Leadership Versammlung | |
| 03.12.2016 | Versammlung | |
| 10.12.2016 | Versammlung | |
| 17.12.2016 | Chreschtveillée | |
| 05.-08.01-2016 | Chreschtcamp | Detailer kommen no |

Mir wënschen Iech eng gutt Rentrée an freeën eis op en flott éischt Trimester mat Iech zesummen.
Lenks Patt,

Aer Scouts Cheffen

D'Leadership Kandidate fir dest Joer sinn:

Alex Thill & Pol Dahm

D'Leadership Formatioun ass keng Verpflichtung, mee eng flott Formatioun fir nei Scout-stechniken an Zesummenaarbescht/Leeden vun enger Patull ze léieren an vill nei Frenn aus aaneren Gruppen kennenzeléieren.

Weider Informatiounen kritt der bei ären Cheffen!

# Leadership

Léiw Leadership´s Kandidaten.

An deenen leschten 2 Scoutsjoer hutt där schonn vill Engagement an ärer Troupe gewisen.
Elo hutt där d´Chance ären éischten Brevet (genannt Leadership) an der FNEL ze maachen.
Op dëser Flotter an Spannender Formatioun, leiers du weis du dech an denger Patrull nach besser kanns engagéieren an wei een esou eng Patrull och richteg leed.
Du leiers flott an wichteg, villäicht och nei Scoutstechniken an däin Wëssen iwwert den Scoutismus wäert sech erweideren.
Nierwenbei wäerts du och lauter nei Kollegen aus aneren Scoutsgruppe fannen.
D´Leadership besteet aus :

1 W-End zu Diddeleng vum 05-06ten November
1 Camp um Misärshaff vum 08-11ten Abrëll.
Eng Versammlung an denger Patrull organiséieren
Eng Sortie vun denger Patrull organiséieren

Participatioun um W-End an Camp sinn Obligatoresch, den Dossier muss komplett sinn fir dass där är Leadership unerkannt kritt.


Leaderships Kandidaten bei den Bisons sinn:

Dahm Pol
Thill Alex

Mellt iech weg bis spéitstens den 24ten September (1st Versammlung!!!!!) beim Ben Suttor un.

Lenks Patt

Är Scoutscheffen



Léif Explorer,

och bei eis geet en neit Trimester un an mer freeën eis op flott Aktivitéiten mat iech zesummen.

| | |
|---|---|
| 24.09.2016 | Porte Ouverte (15:00 - 17:00) |
| 01.10.2016 | Versammlung |
| 08.10.2016 | Versammlung |
| 15.-17.10.2016 | Joti-Jota-Lan-Party* |
| 22.10.2016 | Versammlung |
| 29.10.2016 | Versammlung |
| 04.-05.11.2016 | Explorerbrevetcamp / keng Versammlung |
| 12.11.2016 | Versammlung |
| 19.11.2016 | AG |
| 26.11.206 | Versammlung |
| 03.12.2016 | Versammlung |
| 10.12.2016 | Versammlung |
| 17.12.2016 | Après-Ski Party |

Eis Versammlungen si weiderhi wei gewinnt Samschdeg vu 19:00 bis 21:00 Auer, mat der Ausnahm vun der Porte Ouverte déi vu 15:00 bis 17:00 Auer ass.

* Och dëst Joer maache mer nees eng LAN Party während dem JOTA-JOTI Weekend :) Detailer kommen no oder ginn an der Versammlung beschwat.

D'Explorerresponsables sinn de:

Ben Suttor (Mungo) Tel: 621 415 434 Mail: suttorp@pt.lu
Tom Lamberty Tel: 691 199 090 Mail: lamberty.tom@hotmail.com
Jeannot Hourscht
Rasha Simic

Bis Geschwenn,
är Respo's Equipe

# Explorerbrevet

FORMATION

FNEL

En weideren Brevet an denger Scoutscarriere!
Bass du motivéiert?

Du bass den 1.ten September 15 Joer al an bass Aktiv an denger Unitéit engagéiert, wëlls zesummen mat neien Kollegen flott Deeg an der Natur verbréngen, dann ass dat hei genau dat richtegt fir dech!!!

Den Exlorerbrevet besteet aus :

1 W-End 4-5ten November zu Réimech
1 Camp vum 8-11 Abrëll am Eisléck.

Explorerbrevets Kandidaten bei den Bisons sinn:

Den Thorgei, d'Joy, d'Kathlyn, d'Sarah, den Fréderic, d'Aurélie, den Denis & d'Zoe.

Den Explorerbrevet kascht 75 Euro.

Mellt iech weg bis spéitstens den 26ten September beim Ben Suttor un.

Lenks Patt,

aer Cheffen



# De Wëllen

fnel scouts & guides

Zeitung vum Federalcamp Sauvage - 2017 NO. 01


## Camp fédéral

# Sauvage 2017


Am Joer 1354 ass vun e puer Jonken an engem däischtere Bësch en neie Stamm entdeckt ginn: Op verschiddene Wiseplaze verdeelt, lafe Leit ronderëm. Déi Gruppe sinn equipéiert mat Schëlter, Déieren, Geschir, Zelter a weess der Däiwel wat net nach!

Fir net selwer gesinn ze ginn hunn di Jonk sech dunn op engem Fiels, wou se den Iwwerbléck iwwert de ganze Site haten, verstoppt fir der gelungener Mënschemass nozekucken an ze verfollegen wat do géing lafen.

No e puer Deeg huet sech erausgestallt, dass se sech a verschiddenen Dierfer opgedeelt, sech mat Paarten an Konstruktiounen opgerüst hunn, um Feier kachen an a geselleger Ronn zesumme liewen.

Wëlls du mat dobäi sinn,

da mell dech séier un!!




## De Badge vum Camp

Et ass en Entworf vum Gilles Mausen aus den Dippecher Dachsen.

## Maîtrise vum Camp :

D'Équipe déi de Camp wäert leeden:

- Ander Schmit
- Mike Kremer (Maki)
- Nathalie de la Fontaine
- Christophe Lampach (Kodiak)
- Marc Eyschen (Baribal)

## Wéini ?

02. August - 12. August 2017

## Fir Ween ?

- Scouten
- Explorer
- Rover
- Cheffen

## Prais ?

- 500€ op de Kapp

1. Acompte vun 100€ sinn ze bezuelen bis
de 17. Oktober 2016 op de Konto
FNEL-Camp fédéral 2017
BGL LU72 0030 3049 5319 0000
dësen Acompte ass „non-remboursable“



Dem Här säi Schlass

# Campplaz :

Op der Sich no enger flotter Campplaz hu mer eis duerch sämtlech Plaze gewullt déi esou ze fanne waren. Fir eng flott a grouss Plaz ze fannen war keng einfach Aufgab fir eis Maîtrise.


Schlussendlech si mer awer fündeg ginn an hunn eng mega, flott a genial Plaz an Nord-Bayern fonnt, matten am Bësch an top geleeë fir e Scoutscamp. De lokale Grupp bei deem mir eis do wäerten 10 Deeg amuséieren, freet sech elo schonn op de Lëtzebuerger Besuch!


De Site ass esou opgedeelt, dass di eenzelen Sous-Campen sech wäerten op verschidde Camplazen, di am Bësch verdeelt sinn, befannen. Hei e klengen Abléck op de Site.


# Adress :

Pfadfinderzeltplatz Sauloch
Collenberg 11
D-96450 COBURG









## Wou kanns du dech umellen ?

Fir beim Sauvage 2017 kënne mat dobäi ze sinn, muss du bis spéitstens de 17. Oktober 2016 deng Souche un däi Gruppechef geschéckt hunn.

D´Umeldung ass eréischt da gülteg wann's du deng Souche ofginn hues an d´Suen um Konto sinn.

### Sauvage 2017 Umelldungssouche

Numm: ______________________ Virnumm: ______________________

Adress: ____________________________________________

____________________________________________

Postcode: __________ Uertschaft: ______________________

E-Mail: ______________________ Grupp: ______________________

fnel scouts & guides